

Fir den Undeel un erneierbaren Energien zu Lëtzebuerg ze erhéijen, huet d'Regierung 2019 déi staatlech Subventiounen fir d'Aspeisung vu Solarstrom an d'öffentlech Stroumnetz staark erhéicht. Et ass fir Privatleit, Betriber an natierlech och Gemengen deemno däitlech méi interessant ginn, d'Diecher vun hiren Haiser respektiv Gebaier mat Photovoltaik-Panneauen ze equipéieren.

D'öffentlech Hand a besonnesch d'Gemenge mussen elo mat guddem Beispill virgoen. Aktuell ass keen eenzeg Gebai vun der Gemeng Leideleng mat Photovoltaik-Panneauen equipéiert. Fir dat ze änneren hate mir am Gemengerot eng entsprechent Motioun lancéiert. Dës huet de Schäfferot opgefuerdert eng Analys vun de Gemengegebaier ze maachen, fir erauszefannen, wou d'Statik an d'Ausrichtung vum Daach eng Installatioun vun enger Photovoltaikanlag erlaben, an och wéi vill Leeschtung installéiert kéint ginn.

D'Iddi dobäi ass, datt d'Gemeng kleng Anlagen mat enger Leeschtung vun ënner 30 kWp (Kilowatt Peak) selwer bedreiwe géif a bei groussen Anlagen d'Leidelenger Bierger.innen d'Méiglechkeet géife kréien, fir iwwert eng Kooperativ dës Anlage selwer ze bedreiwen. Eng grouss Anlag kéint z.B. um Kultur- a Veräinsbau oder op der Sportshal installéiert ginn. An deem Fall géif d'Gemeng dës Anlag z.B. zu 80% finanzéieren, während d'Bierger.innen-Kooperativ déi aner 20% finanziere géif. D'Anlag géif awer zu 100% der Kooperativ gehéieren. Während 15 Joer géif dës de Prêt, deen d'Gemeng hir ginn huet – natierlech mat Hëllef vun de Subventiounen, déi se vum Staat fir d'Aspeisung vum Stroum kritt – zeréck bezuelen. De Montant, deen iwwer bleift, géifen d'Membere vun der Kooperativ ënner sech opdeelen.



E Green Deal fir Leideleng Photovoltaik op de Gemengegebaier

Foto: Shutterstock.com

Esou kéinten all déi interesséiert Bierger.innen – och déi, déi net Proprietär vun engem Haus sinn oder där hiren Daach sech net fir d'Installatioun vu Photovoltaik-Panneauen eegent – awer an dës Technologie an domadder an d'Zukunft vun eisem Planéit investéieren.

Well een no 15 Joer keng Subventiounen méi vum Staat fir d'Aspeisung vum Stroum kritt, géif d'Photovoltaik-Anlag fir e symboleschen Euro ganz an de Besëtz vun der Gemeng iwwergoen. De Stroum kéint dee Moment genotzt ginn, fir de Bedarf vun de Gebaier selwer ze decken oder kéint och weiderhin an den öffentliche Réseau agespeist ginn, dëst natierlech ouni Subventiounen.

D'Gemeng Leideleng huet de Moment nach keng Klimapakt-Zertifizéierung an ass domadder eng vun deenen 10 Gemengen zu Lëtzebuerg, déi am

mannste fir de Klimaschutz mécht.

De Schäfferot huet betount, datt schonns 2012 esou eng Statik-Etüd fir d'Sportshal an de Veräinsbau gemaach gi war. D'Resultat dovunner war, datt sech d'Diech vun dësen Gebaier net eegenen, fir eng Photovoltaikanlag drop ze setzen. Fir d'Märei an déi aktuell Schoul ass allerdéngs keng esou Etüd gemaach ginn. Dëst soll elo nogeholl ginn.

Um Daach vun der neier Schoul (Phase 2) ass Photovoltaik virgesinn. Allerdéngs ass de Schäfferot der Meenung, datt d'Gemeng dës selwer bedreiwe soll a wëll de Bierger.inne keng Méiglechkeet ginn, sech dorunner ze bedeelegen. Aus deem Grond ass eis Motioun dunn och vun der Majoritéit refuséiert ginn.

Lou Linster

punkto Ressourcöverbrauch läit d'Land weltwäit mat un der Spëtzt.

Ëmweltfrëndlech Geräter ze identifizéieren, ass haut dank dem EU Energy Label, deen d'Europäesch Unioun virun enge Rei Joren agefouert huet, guer net méi schwéier. Doduerch, datt an déi ëmweltschonend Maschinnen déi neisten Technologie verbaut ass, huet dëst allerdéngs och en Impakt op de Präis. Geräter aus der héchster Kategorie A+++ sinn deemno an der Uschafung méi deier wéi déi aus den Energieklassen drënner.

Am Sënn vu „Think global, act local“ ass et eiser Meenung no wichteg, datt d'Bierger.innen op lokalem Niveau an hirem nohaltegen Handeln ënnerstëtzt ginn. Aus dësem Grond hu mir am Gemengerot am Dezember 2019 eng Motioun fir d'Afféierung vu Subventiounen beim Kaf vun ëmweltfrëndlechen Haushaltsapparater (Frigoen, Killtruen a -schief, Spull- a Wäschmaschinnen an Trockner) gestallt. Leidelenger Bierger.innen, déi sech fir e Gerät aus der Klass A+++ entscheden, sollen eng (fir all Typ vu Gerät eemoleg) Subventioun vun 100 € kréien. Mam Argument, datt d'Gemeng scho genuch Ëmweltschutzmoossname geplangt huet, gouf dës Virschlag vun der Majoritéit leider refuséiert. Mir bedauern dës Entscheedung zudéifst. Zum enge kann ee fir den Ëmwelt- a Klimaschutz ni ze vill maachen an d'Gemeng huet et domat verpasst hei op de Wee vu villen anere Gemengen ze goen, an deenen d'Bierger.inne schonn zënter ville Jore vun esou Subventiounen profitéieren kënnen.

Nathalie Entringer

Nathalie Entringer

„Think global, act local“ – Leider keng Devise vun der Leidelenger Gemeng



Vill Bierger.inne leeë bei der Uschafung vun neie Geräter, wéi zum Beispill enger Wäschmaschinn, net nëmme Wäert op Fonctionnement a Gréisst, ma och op den Impakt, déi dës Maschinnen

duerch hiren Energie- resp. Waasserverbrauch op d'Ëmwelt hunn. Dat ass och richteg a wichteg, ëmmerhin ass den CO2-Foussofdrock vu Lëtzebuerg nach ëmmer immens grouss an och a



VERSION EN FRANÇAIS
DISPONIBLE SOUS
LE LIEN WWW.
ZESUMMEFIRLEIDELENG.
LU/NEWSLETTERFR

Déi richteg Léieren aus der Kris zéien



Léif Leidelenger Biergerinnen a Bierger,

Mir liewen de Moment an enger ganz spezieller an awer och schwéierer Zäit a wéi et ausgesäit, wäerte mer och soubal nach net zu 100% aus dëser sanitärer Kris erauskommen. Nawell huet et kee Wäert, de Kapp an de Sand ze stiechen an den Dag X ofzewarten, mee et sollt een déi fräi Zäit notzen, fir d'Zukunft ze plangen, andeems een déi richteg Léieren aus dëser Kris zitt. Fir d'Administratioun vun der Gemeng Leideleng heescht dat z.B., d'Méiglechkeete vum Teletravail an Zukunft auszebauen, fir esou besser geréicht ze sinn, wann an Zukunft nees eng änlech Kris sollt kommen.

Als Zesumme fir Leideleng war et fir eis selbstverständlech déi véier vum Schäfferot ausgeschaffte „Règlement d'urgence“, déi am Kader vum Covid-19 néideg gi waren, matzedroen. Duerch dës Reglementer konnten d'Zoumache vum de Spillplazen, d'Limitatioun vun der Unzuel u Leit um Kierfecht während Begriefnisser, d'Afféierung vun engem Service Épicerie fir vulnérabel Persounen an d'Auswaite vum Service „Repas sur roues“ ëmgesat ginn. Glécklecherweis konnten dës Reglementer zum Deel nees opgehewe ginn.

Et ass fir d'éischte Kéier, datt mir eis Newsletter „genderen“, dat heescht z.B. amplaz „Bierger“ schreiw mer „Bierger.innen“. Domadder wëlle mir en Zeeche fir d'Gläichstellung tëscht Mann a Fra setzen.

Am Numm vun der ganzer Equipe vun Zesumme fir Leideleng wënschen ech Iech an Ärer Famill eng, schéin an erhuelen Summervakanz a virun allem eng gutt Gesondheet.

Lou Linster
Gemengeconseiller

Méi Transparenz an der Gemengepolitik Online-Videoe vun de Gemengerotssätzungen



dése Rapport ass (gezwongenermoossen) op dat Weesentlecht reduzéiert.

Aus dese Grënn hu mir zesumme mat enger spezialisierter Firma e Konzept ausgeschafft, fir eng Gemengerotssätzungen opzehuelen an dese Video nodréiglech um Site vun der Gemeng accessibel fir jiddereen maachen ze kënnen. De Gemengerotssall géif mat dräi fixe Kameraen equipéiert ginn an d'Zuschauer.inne kéinten tëscht deenen dräi hin an hier sprangen. De Video géif a verschidde Kapiteln ennerdeelt ginn, sou dass een direkt op dee Punkt vum Ordre du Jour sprange kéint, deen een interesséiert. Ë.a. an der Gemenge Réiser a Rëmeleng gouf dat schonns ëmgesat.

Och wann d'Reunioune vum Gemengerot public sinn, ginn se nëmme wéineg besicht. Engersäits sinn se moies, da wann d'Leit schaffen respektiv an der Schoul sinn. Anersäits daueren se reegelméisseg dräi bis véier Stonnen, wat immens laang ass, wann een sech just fir ee bis zwee spezifesch Punkten um Ordre du Jour interesséiert. An enger representativer Demokratie ass et wichteg, dass d'Bierger.innen en adequaten Zougang zu deem hunn, wat am Gemengerot gesot gouf, fir sech kënnen beschtméiglech ze informéieren, awer och fir d'Aarbecht vun hire gewielte Vertrieder. innen ze kontrolléieren. Sécherlech gétt et e geschriwwene Rapport am Gemengebuet, mee

Wéi mir des modern Solutioun am Summer 2019 am Gemengerot presentéiert hunn, huet d'Begeescherung vun der Majoritéit sech an enke Grenze gehalen. De Schäfferot huet kloer gemaach, dass dat méttelfristeg net géif realiséiert ginn. Mee dee Moment hat och nach kee geduecht, dass et en halleft Joer méi spéit méiglech wier, per Videocall um Gemengerot deelzuehelen... Mir wäerten eis op alle Fall och weiderhi fir des Iddi a generell fir méi Transparenz an der Leidelenger Gemengepolitik staark maachen.

Patrick Calmus



Wou ass de Leidelenger vel'OH drun?

Leideleng hätt schonns 2019 sollen un de Stater Véloslokatiounssystem "vel'OH" ugeschloss ginn, esou war et op mannst am Budget (260.000 €) virgesinn. Op eis Nofro hin huet de Schäfferot matgedeeelt, dass et den Ament technesch Problemer mat deem System gétt (wat schonns des Ëfteren an der Press thematiséiert gouf) an d'Stad Lëtzebuerg drop hält, dass de Bedreier des Problemer fir d'éischt an de Grëff kritt, éier eng weider Gemeng un dese System ugeschloss gétt. Déi technesch Problemer si virun allem doduerch entstanen, dass all d'Veloen op E-Biken ëmgestallt goufen, wat se och méi attraktiv fir d'Notzung am Alldag mécht. Sou muss Leideleng awer och z.B. d'Gemeng Walfer weiderhi gedëlleg sinn bis si dese System kréien. Wou déi véier éischt Statioune zu Leideleng wäerten hikommen, ass weiderhin onkloer.

De vel'OH wäert d'Mobilitéitsoffer zu Leideleng däitlech méi interessant maachen a mir hoffen, dass d'Leidelenger. inne geschwënn vun deem System wäerte profitéieren kënnen.

Jean-Pierre Roemen

Firwat gouf de Sperrmüll- Container ofgeschafft?



Am Dezember huet de Schäfferot annoncéiert, dass de Sperrmüll-Container aus dem Leidelenger Containerpark verschwanne géif an et dowéinst pro Joer véier, amplat wéi bis ewell just zwou, Kollekte vum Sperrmüll an der Gemeng géife ginn. Och ass betount ginn, dass d'Gemeng fir 15 € och weiderhin op Rendez-vous Sperrmüll mat engem Volume vu manner wéi 1 m3 bei d'Leit heem siche kéim.

D'Haaptgrënn fir d'Ewechhuele vum Sperrmüll-Container wieren, dass zum enge vill Offall, deen net an de Sperrmüll-Container gehéiert (z.B. Restmüll), doranner entsuergt géif ginn. Zum anere géifen och reegelméisseg Entreprises hiren Dreck do ofluede kommen an dat trotz striktem Verbuet (et sief awer hei och gesot, dass ronn 40 Leidelenger Betriber de Label vun der SuperDrecksKëscht hunn). Leideleng huet domadder dee warscheinlech eenzege Recyclingszenter aus dem ganze Land, an deem kee Sperrmüll entsuergt ka ginn. Dat erhéicht natierlech de Risk, dass illegal Dreck an der Natur entsuergt gétt.

Well mir net mat deser Decisioun d'Accord waren, hu mir dat Thema op den Ordre du Jour vum Gemengerot setze gelooss. Mir hu proposéiert, dass ëmmer zwee/zwo

Gemengenaarbechter.inne gläichzäiteg mussen am Containerpark sinn, well nëmme esou eng effikass Kontroll séchergestallt ka ginn. Fir ze évitieren, dass Privatleit a grousssem Stil Sperrmüll aus hirem Betrib dohinner bréngen, kéint ee maximal Quantitéiten aféieren, déi en.g Bierger.in pro Mount am Containerpark dierf entsuergen.

De Schäfferot ass allerdéngs bei senger Meenung bliwwen, huet awer betount, dass een d'Situatioun am An hale géif a "léierfäeg" wier. Och géif de Recyclingszenter ausgebaut ginn.

Allerdéngs muss een sech d'Fro stellen, ob et net besser wier, eise Containerpark ganz zouzemaachen an de Leidelenger Bierger. innen en Accès zu engem "State of the Art"-Recyclingszenter ze ginn. Domat ass en Zenter gemengt, an deem sou gutt wéi alles, wat an engem Privathaushalt ufällt, kann entsuergt ginn, an deem déi ganz Woch iwuer op ass. A Fro komme géifen do z.B. de SIVEC zu Schëffleng oder d'SuperDrecksKëscht an der Stad. Esou e Recyclingszenter an enger klenger Gemeng wéi Leideleng ze realisieren ass net realistesch.

Lou Linster

Infopoint „myenergy“ – E Schrëtt an déi richteg Richtung




Foto: Shutterstock.com

Fir dem Klimawandel entgéint ze wirken, ass et ënner anerem indispensabel, d'Energieconsommatioun vun all Individu ze reduzéieren. D'Regierung awer och d'Gemenge sinn hei an der Responsabilitéit, all d'Residente.ë fir dëst Thema ze sensibiliséieren an se bei der Ëmsetzung vu Moosnamen, vun deenen d'Klima profitéiert, ze ënnerstëtzen. Genau dat huet sech d'Initiativ „myenergy“, déi vum Energie-, Ëmwelt- a Logementsministère ënnerstëtzt gétt, zur Aufgab gemaach. Bei deser Ulafstell kritt een deemno ënner anerem onentgeldlech individuell Tuyauen, wéi een d'Energieconsommatioun vu sengem Doheem optimiséieren kann an och Informatiounen zu de Potenzialen vun erneuerbarer Energie an nohaltegem Bauen a Renovéieren. Nodeems schonn iwuer 90% vun de Lëtzebuenger Gemenge mat myenergy zesummeschaffen an hire Bierger.inne soumat des gratis Berodung erméiglechen, hu mir eis dofir agesat, dass och d'Gemeng Leideleng mat op dese Wee geet.

Nodeems de Schäfferot sech am Juni 2019 nach Bedenkzäit gefrot hat, huet en dem Gemengerot am Februar dëst Joer proposéiert, eng Konventioun mat myenergy ze ënnerschreien. E Virschlag deen unanime ugeholl gouf. Mir begrëssen et dowéinst, dass dese Service elo och hei zu Leideleng en Place gesat gouf. Myenergy kënn op Wonsch elo bei d'Leidelenger Bierger.innen heem, fir um Terrain ze kucken, wéi eng potentiell Energiespuermesuren ëmgesat kéinte ginn. Mat der Aféierung vun deem Service gesteet d'Gemeng sech hir Responsabilitéit an a suergt dofir, den Usschluss un déi aner Gemengen net ganz ze verléieren.

Eis ass bewosst, dass eis Gemeng a punkto Moosname fir den Ëmwelt- a Klimaschutz nach bei Wäitem net all hiert Potenzial ausgeschöpft huet a wäerten eis weider dofir asetzen, dëst wichteg lokalpolitesch Thema ëmmer erëm op den Dësch ze bréngen.

Nathalie Entringer



Marcel Jakobs

Kee Ruffbus, dofir awer eng onnëtz Renovatioun vum Gemengerotssall

#Budget2020

2019 sollt de Ruffbus zu Leideleng agefouert ginn. E Service, dee virun allem den eelere Matbierger.innen an eiser Gemeng d'Liewe méi einfach gemaach hätt. E Ruffbus bréngt d'Leit sur Demande an d'Apdikt, de Supermarché oder awer an d'Schwemm an dëst fir e symboleschen Euro. Mat Erstaunen hu mer festgestallt, datt dësen 2019 net nëmmen net agefouert gouf, mee 2020 och kee Budget méi dofir virgesinn war an dëse Service zu Leideleng dofir nach soubal net wäert kommen. Allerdéngs ass virgesinn de Gemengerotssall ze renovéieren. E Sall, dee wéi déi ganz Märei eréischt Enn 2003 ageweit gouf an definitiv nach net an engem schlechten Zoustand ass, och wann d'Optik vum Sall eng "Affaire de Goût" ass. Dobäi sief drun erënnert, datt wéi mir sechs Méint virdu virgeschloen hunn, de Gemengerotssall mat Kameraen a Mikroen ze equipéieren (cf.

Artikel zu den Online-Videoen), dem Schäfferot dat awer ze deier war.

Et waren awer och eng Rei sënnvoll Ausgaben am Budget virgesinn. Sou z.B. dat vun eis schonns zënter laangem gefuerdert Neimaache vun der Rue Pëssendall an eng Etüd, fir erauszefannen, wéi een d'Problemer mam Kanal am Domaine Op Hals behiewe kéint. Hei kämpfe verschidden Awunner.inne schonns laang mat reegelméisseg iwwerschwemmte Kellere an et muss eppes geschéien. 4,4 Mio. € fléissen an de Bau vun der neier Schoul, wat definitiv eng wichtige Investitioun an d'Zukunft vun eise Kanner ass.

De Schäfferot huet dëse Budget ënnert dem Titel "Ganz am Zeeche vun der Kontinuitéit" virgestallt. Mee wat mer brauchen, ass e Fortschrëtt, net

Kontinuitéit. Stroosse frësch maachen, ass eppes, wat sech mat der Zäit opdrängt a sou oder sou gemaach muss ginn. Déi komfortabel Recettë bréngt mat sech, datt Immobilie kaf konnte ginn, wéi z.B. d'Haus Steichen oder d'Haiser bei der Place du Lavoir. Allerdéngs stinn dës duerno jorelaang eidel, ouni datt konkret eppes geschitt. Ëmmer nees gëtt vu sozialem Wunnensbau a vu gudden Iddie geschwat, déi an der Maach wieren, dëst awer och ouni konkret Suiten. D'Realisatioun vum neie Shared Space wäert eréischt 2022/2023 ugoen an sech iwwer bal 10 Joer zéien, wann alles leeft ewéi geplangt.

Follgend Amendementer fir de Budget ze änneren an ze verbesseren hu mir proposéiert:

- Kreatioun vun engem Budgets-Poste fir d'Aféierung vum Ruffbus
- Sträiche vum Posten, fir de Logo vun der Gemeng weider ze developpéieren
- Erhéijung vum Posten, fir nei Terrainen ze kafen
- Sträiche vum Posten, fir de Gemengerotssall ze renovéieren

All eis Amendementer goufe vun der Majoritéit verworfen, wouopshi mer géint de Budget gestëmmt hunn. Dëse gouf awer mat 5 zu 4 Stëmme vun der Majoritéit uegholl.

Duerch d'Corona-Kris wäerten 2020 d'Recettë vun der Gemeng viraussichtlech ëm 20% méi niddereg ausfallen wéi virgesinn. Vu datt och d'Phase 2 vun der Schoul an d'Neimaache vun der Rue de la Gare a Veruch gerode sinn, ass dat fir dëst Joer nach kee gréisser Problem. Jee nodeem wéi d'Situatioun evolueiert, ass awer e Risk do, datt an den nächste Jore gréisser Projeten eréischt méi spët wéi virgesi realiséiert kënnen ginn. Et géllt deemno d'Situatioun genau am An ze behalen.

Marcel Jakobs

Dag vum Bam : Gutt fir d'Foto an duerno ginn d'Beem sech selwer iwverlooss



D'Beem, déi am Kader vum "Dag vum Bam" op diverse Plazen am Duerf Joer fir Joer vun der Gemeng zesumme mat de Schoulkanner geplangt ginn, sinn zum Deel an engem ganz schlechten Zoustand. Sou z.B. d'Beem virum Reckenerbësch (cf. Foto). D'Grënn dofir sinn, datt scho beim Planzen kee frësche Buedem dobäi geschott gouf an zënter se geplangt goufen, kee sech méi sou richteg ëm des Beem gekëmmert huet.

Eiser Meenung no misst fir dës Beem d'office eng fachgerecht Fleeg mat Erzéiungs- an Erhaltungsschnëtt, eng reegelméisseg Kontroll vun de Bampéil, d'Ubränge vu Wildschutz géint d'Futtibäisse vun der Schuel an d'Ewechmaache vun de wëlle Schätz vun den Ennerlage virgesi ginn. Nëmme esou wier dës pedagogesch ganz wäertvoll Aktioun och nohalteg.

Op schrëftlech Nofro hin, huet de Schäfferot zouginn, datt effektiv eng Rei vun dëse Beem an engem schlechten Zoustand wieren, dëst awer och mam dréchene Wieder zesummenhänke géif. E Verbasschutz wier net néideg an et wier elo nach ze fréi, fir bei dëse Beem en Erzéiungsschnëtt duerchzuféieren. Eng Rei vun deene Beem wieren awer och schonns ersat ginn. Mir hoffen, datt an Zukunft méi no deene Beem gekuckt gëtt.

Marcel Jakobs

E klören Nee zur Bevirdelegung vu Politiker.innen



Foto: Shutterstock.com

entsprechend Reglement "pour approbation" virgeluecht. Dëst Reglement huet Limitte gesat fir d'Montante vu Kaddoen, déi de Schäfferot a bestëmmte Fall maachen dierf (z.B. fir e Mariage). Allerdéngs goufen Ennerscheeder tëscht verschidde Kategorië vu Leit gemaach. Sou gouf et ë.a. eng extra Kategorie fir Membere vum Gemengerot. Dëst war eis en Dar am An, well mat esou Aktiounen d'Virurteil, datt Politiker just fir hir eegen Täsch an net fir d'Allgemengheet schaffen, nees eng Kéier gefërdert gëtt. Och déi zwee Gemengeréit vun der Majoritéit hunn dat änlech gesinn, mee d'Buergermeeschtesch huet refuséiert, dat Reglement zeréck ze zéien an et nach eng Kéier ze iwwerschaffen.

Soukoum et, datt just déi 3 Membere vum Schäfferot dofir gestëmmt, déi 4 Verrieder vun Zesumme fir Leideleng dogéint gestëmmt an d'Conseillère an de Conseiller vun der Majoritéit sech enthalen hunn. Domadder war dëst Reglement mat 4 zu 3 Stëmme

vum Gemengerot refuséiert(!) ginn, du Jamais-vu an der Leidelenger Gemengepolitik.

An enger spéiderer Sitzung gouf dunn en alternative Virschlag vum Schäfferot, an deem net méi tëscht verschidde Kategorië vu Leit ënnerscheet gouf, uegholl. Mir hunn dës Alternativ net matgedroen, well mer en anere Virschlag mat liicht anere Montanten agereecht haten a fir dee gestëmmt hunn. Mee d'Haaptzil ass awer erreicht ginn, well dat gestëmmte Reglement Politiker.innen net méi bevirdelegt.

D'Léier doraus muss sinn, datt och engem Schäfferot keen Zack aus der Kroun fällt, wann e mol eng Kéier e Virschlag no Kritik vum Gemengerot zeréckzitt, fir en nach eng Kéier ze iwwerschaffen.

Lou Linster



Foto: Shutterstock.com



Patrick Calmus

Mobil Bezuelterminale fir d'Veräiner

Wee kennt et net : E flotten Owend ënner Kolleeg. inne geet méi laang wéi geduecht an nodeems all Mënsch e Patt ginn huet, ass et op eemol un engem selwer, fir dat ze maachen, mee leider huet ee kee Cash méi am Portefeuille. An engem Restaurant oder Café ass dat an der Reegel kee Problem, vu datt ee mat der Kaart bezuele kann. Anescht gesäit et awer op engem Duerffest aus, wou bis ewell nëmme ganz seelen eppes anescht ewéi Cash akzeptéiert gouf.

Aus deem Grond hu mir am Gemengerot virgeschloen, datt d'Gemeng sech eng Partie Bezuelterminale vum Typ "SumUp" oder "iZettle" uschaffen an de Veräiner gratis zur Verfügung

stelle soll. D'Majoritéit huet dës Iddi begréisst, awer betount, datt een absolut evitéiere misst d'Comptabilitéit vun de Veräiner mat där vun der Gemeng ze mëschen. Aus deem Grond gouf zeréck behalen, all Leidelenger Veräin d'Méiglechkeet ze ginn, e Subside unzufroen, fir sech esou en Terminal ze kafen. Eng Rei Veräiner hunn och schonns vun dëser Méiglechkeet Gebrauch gemaach.

Och an der Leidelenger Gemengepolitik ginn et heiansdo Saachen, déi séier ëmgesat ginn. D'Aféierung vum mobile Bezuelterminale fir d'Veräiner gehéiert op alle Fall dozou.

Patrick Calmus



Wéinst der Verlängerung vum Tram vun der Gare op d'Cloche d'Or muss d'Firma „Bétons Feidt“, déi aktuell hire Sëtz um Houwald huet, plënnere. Wéi Bétons Feidt dem Radio 100,7 confirméiert huet, läit e potentielle Site zu Zéisseng tëscht den Autobunnen A4 an A6, esou wéi der Zuchstreck Lëtzebuerg-Péiteng. Op där Plaz soll dofir eng nei Aktivitéitszon kreéiert ginn. Den Infrastrukturminister hat ugekënnegt, dass d'Stad Lëtzebuerg dowéinst eng Ännerung an hirem PAG wäert virgesinn.

An deem Kader hu mir beim Schäfferot nogefrot, wat fir Konsequenzen dës nei Aktivitéitszon op eis Gemeng hätt, notament wat den Trafic ugeet an, ob dës en Impakt op déi geplangten Ënnerféierung „Um Schass“ hätt. Dobäi muss ee wëssen, dass um aktuelle Site vun der Firma „Bétons Feidt“ an der Spëtzenzäit all 90 Sekonnen e Camion vum oder op de Site fiert.

De Schäfferot huet eis dës Informatioun confirméiert a gesot, dass mat dësem Projet awer nach net an deenen nächste fënnef Joer ze rechnen ass, deemno vill méi spéit ewéi den Datum, deen an der Press zirkuléiert ass, wou vun 2021 riets gong. Den Accès zu dëser Aktivitéitszon soll iwwert den zukünftege Boulevard de Merl goen, deem säi Bau laut aktueller Planung 2023 ufänke soll. Dës Aktivitéitszon hätt domadder keen negativen Impakt op Leideleng.

Jean-Pierre Roemen



Jean-Pierre Roemen Am Dossier "Ënnerféierung Um Schass" ass et roueg ginn

Am Dossier "Ënnerféierung Um Schass", also der Verbindung tëscht dem Schléiwenhaff an der Rue des Celtes zu Märel, gesäit et de Moment net gutt aus. Dëse Projet war an der Lescht vu Säite vun der Stad Lëtzebuerg a besonnesch vum Interesseveräin Merl-Belair vill kritiséiert ginn. D'Awunnerinnen aus der Rue des Celtes hunn sech no aacht Joer dru gewinnt an enger Sakgaass ouni Verkéier ze wunnen

a wëllen dat net opginn. Pour Mémoire : D'Barrière op dëser Streck war zougemaach ginn, nodeems d'Zuchstreck Lëtzebuerg-Péiteng zweegleiseg gi war, a sollt duerch eng Ënnerféierung ersat ginn, wat sech awer wéinst Terrainsstredereie verzögert huet. Eiser Meenung no ass dëse Projet wichteg, besonnesch fir de Beruffstrafic moies an der Bouillonsstrooss an zu Zéisseng ze entlaaschten.

Déi jorelaang Enteeignungsprozedur, déi heifir néideg war an erfollegräich ofgeschloss konnt ginn, dierf net fir näischt gewiescht sinn.

Nodeems dëse Projet am Ufank vun der Legislatur fir zolidd Diskussiounen am Leidelenger Gemengerot gesuergt hat, huet de Schäfferot eng 180°-Kéier geholl an deelt elo eis Positioun, nämlech dass déi Ënnerféierung muss wéi geplangt realiséiert ginn, fir de Leidelenger Biergerinnen nees e besseren Accès an d'Stad ze erméiglechen, sief dat zu Fouss, mam Vélo oder mam Auto. Sou huet d'Buergermeeschtesch am Gemengerot vum 10. September 2019 gesot, dass d'Gemeng net géif agesinn, firwat déi Ënnerféierung net sollt gebaut ginn an och e Bréif an deem Sënn un den Infrastrukturminister François Bausch an un de Stater Schäfferot geschéckt hätt. Op d'Fro, ob de Schäfferot der Meenung wier, dass dës Ënnerféierung nees opgoe géif, huet d'Buergermeeschtesch an der selwechter Sitzung mat engem kloren Jo geäntwert, och wann een nach net wéisst, fir wéi eng Verkéiersmëttel se accessibel géif ginn.

Am Gemengerot vum 11. Februar 2020 huet de Schäfferot du matdeele gelooss, dass d'Stad

Lëtzebuerg op hire Bréif geäntwert hätt a kloer gemaach hätt, dass d'Rue des Celtes zoubleiwe géif. Den Infrastrukturminister Bausch hat schonns am Mee 2019 op eng parlamentaresch Fro geäntwert, dass dës Strooss eng Gemengestrooss ass an et doduerch un der Stad Lëtzebuerg wier, fir dës Strooss ze reglementéieren.

Et ass deemno net ze erwaarden, dass d'Ënnerféierung "Um Schass" kuerz- oder mëttelfristeg wäert gebaut ginn an nees fir de Verkéier opgeet, och net fir d'Mobilité Douce. Mir wäerten Iech weiderhin informéieren, wann et an dësem Dossier eppes Neies gëtt.

Jean-Pierre Roemen



Är Verrieder am Leidelenger Gemengerot

f Zesumme fir Leideleng
www.zesummefirleideleng.lu

<p>Marcel Jakobs 65 Joer, Staatsbeamten a.P. marcel.jakobs@leudelange.lu</p>	<p>Patrick Calmus 52 Joer, Enseignant am Secondaire patrick.calmus@leudelange.lu</p>	<p>Jean-Pierre Roemen 23 Joer, Droitsstudent jean-pierre.roemen@leudelange.lu</p>	<p>Lou Linster 28 Joer, Ingénieur-conseil lou.linster@leudelange.lu</p>